



Et ass eng vun deene wichtigste Mesuren, déi an de BÉPS-Virschléi dra sinn. Déi hu mir als Lëtzebuerg iwwerholl.

Mir waren, sot ech, prudent, mä mir waren awer och ambitiéis. A welcher Hinsicht war mer ambitiéis?

Mir soen, alleguerten eis bilateral Konventiounen - alleguerten, ouni Ausnam, mir hätten der do e puer kënne ausschleissen - wäerten hei mattouchéiert ginn. Also, méi komplett kann een net sinn. A méi automatesch kann een net sinn.

An dofir mengen ech, dass et net korrekt ass, ze soen, dass mer hei par rapport zum „treaty shopping“, well dat Wuert hei gebraucht ginn ass, net agéieren. Mir hätten den „treaty shopping“ hei favoriséiert, wa mer nëmmen eng limitéiert Zuel vu Länner erwägt hätten. Dat hu mer net gemaach.

Bref, ech mengen, dass mer hei als Lëtzebuerger Regierung kohärent waren a mat deene Choixen, déi mer säit fënnef Joer geholl hunn, hei weiderfueren. Mir sinn hei zum Deel „first mover“. Dat 20. Land, wat dat ënnerschreift, zum Deel am generellen Trend an awer virsiichteg genuch, well mer net alleguerten d'Mesuren an engem Coup hei adoptéieren.

Zu de verschiddene Froen, déi hei gestallt gi sinn. Den Impact budgétaire. Den Impact budgétaire ass ganz schwéier ze berechnen. D'Chambre de Commerce huet déi Fro gestallt, d'Madamm Lorsché huet se gestallt. Et ass esou, dass hei zwee entgéintgesate Phenomeneen spillen. Déi, déi zu Lëtzebuerg sinn a wëlle bleiwe mat enger eideler Këscht ouni Substanz, déi wäerten hir Gesellschaft hei zoumaachen, well déi eidel Gesellschaften, „letterbox companies“ op Englesch, Brëifboiten, déi notze guer näischt méi. Déi ginn einfach am internationale Rescht net méi erkannt. An do kann ee soen: Wann déi zoumaachen, do geet eis eppes verluer.

Mä en parallèle, wat geschitt, ass, dass eng Rëtsch Gesellschaften, déi vläicht och nëmmen eng Präsenz hei haben, déi limitéiert war, mä déi eist Land gutt fannen, déi dat attraktiv fannen, déi hei Business maachen, soen: „Ma ech transforméiere meng relativ limitéiert Präsenz an eng substanzuell Präsenz.“ Majo, da ginn déi och hei besteiert.

A mir ginn elo de Moment dovunner aus, well mer dat net am Detail kënne norechnen, dass dat eent sech mat deem aneren ophieft. Dofir mengen ech, dass et rasonabel ass, ze soen, dass et budgetsneutral ass. Mir wäerten an e puer Joer vläicht enges Bessere beléiert ginn, mä ech mengen, déi zwou Tendenze versteet ee ganz gutt an duerfir hu mer eis hei fir d'Neutralité budgétaire entscheet.

Den Deputéierte Sven Clement huet sech, an ech kann dat novollzéien, hei ervirgesat, fir ze soen: Hei feelt et an néideger Transparenz. An ech si bei lech: Mir brauchen Transparenz! An des Regierung huet a Saache Fiskaliteit wirklech an der Transparenz ganz vill gemaach. Ech muss drun erënneren, dass mer op schwaaarz Lëscht waren, well mer wirklech net ganz transparent waren. A Schrëtt fir Schrëtt si mer ëmmer méi transparent ginn.

An ech fannen, Dir hutt e richteg Punkt, an en ass och vun der Chambre de Commerce ervirgetrach ginn: Et ass schwéier fir de Steuerzueler, fir d'Gesellschaften, fir ze wëssen, wéi den automateschen Amendement sech dann hei eriwwerspigelt.

Ech kann lech haut hei soen: Mir wäerten als Ministère, zesumme mat der Steierverwaltung, alles maachen, fir dass mer an engem rasonablen Zäitraum konsolidéiert Versiounen wäerte maachen, dass mer net musse waarden, dass dat vun de Big Four gemaach gëtt oder vun aneren. Dat si mer eise Bierger schëlleg.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech wëll lech awer soen, wa mer dat wëlle generaliséieren zu Lëtzebuerg an aneren Domänen, dann hu mer awer Kilometer Aarbecht. Mä, dat do ass eis dat wäert. Mir wäerten also konsolidéiert Versiounen vun all deene bilaterale Konventiounen maachen.

An Dir hutt recht, d'Digitalisation hëlleft eis do - esou schwéier an esou laang däreft dee Prozess och net sinn. Mir wäerten dat maachen.

An dann eng drëtt Fro, déi gestallt ginn ass vum Här Mosar, an déi huet mat Frankräich ze dinn. Ech hunn do en primeur, mä vläicht wësse Verschiddener vun lech dat schonn: Haut de Moien ass am Parlament, an der Assemblée nationale déi bilateral Konventioun

tëschent Frankräich a Lëtzebuerg adoptéiert ginn.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Da sinn déi méi schnell wéi mir!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo. Mä ech encouragéieren lech, Här Mosar, ze kucken, wat do am Debat gesot ginn ass, well op Demande vu verschiddene Parteien, déi ech elo net qualifizéieren, ass e längeren Debat gewiescht iwwert déi bilateral Konventioun.

A fir déi, déi fannen, dass mer net gutt verhandelt hunn an dass mer hätte misse méi hei oder méi do erreechen, invitéieren ech lech, an deenen Debaten ze liesen, wéi mir nach a verschiddene Käpp an a verschiddene Parteien a Frankräich ugesi ginn. Dat Bild ass nach ëmmer net ganz gutt, trotz all deenen Efforten, déi mir säit fënnef Joer gemaach hunn.

Ech mengen och, dass dat Bild, wat déi kritesch Partei par rapport zu Lëtzebuerg maachen, net méi zäitgeméis ass. Mä et beweist och, dass mer e laange Wee hunn, bis eist Bild a Frankräich an anere Länner besser gëtt, well mer eng Reputatioun haben, déi esou war, dass et Zäit hält, fir dass déi Reputatioun sech verbessert. Mä ech freeë mech, dass déi Konventioun ugehall ginn ass. A mir si jo och um Wee. Mir waarden op den Avis vum Conseil d'État an da wäerte mer dat och zu Lëtzebuerg hei adoptéieren.

An ech mengen, dass déi Konventioun, déi mer mat Frankräich ofgeschloss hunn, eng équilibréiert ass. An do wäerte mer nach d'Geleeënheet hunn, wann dann dee Projet de loi hei an d'Chamber kënnt, fir méi am Detail driwwer ze schwätzen.

An dann e leschte Punkt. Haut wäert och zu Paräis - also et ass wierklech eng incroyabel Concomitance, e bëssen en Hasard - d'Resultat komme vum Forum mondial par rapport zur Evaluatioun vun der leschter Period, wat den Échange d'informations sur demande ubelaangt. Ech hu leider elo an de leschte Minuten nach net eng formell Confirmatioun kritt, ob eise Statut als « largement conforme » - „largely compliant“ - confirméiert ginn ass. Dat wäert an den nächste Minutte geschéien.

Esou wéi d'Reunioun an de leschten Deeg verlaf ass, sinn ech optimistes. Mä ech wëll dat net virentscheeden. Dat mussen de GAFI an de Global Forum selwer maachen. Mä och dat gesäit gutt aus. Lëtzebuerg huet also ganz villes gemaach am Domän vun der Transparenz. An ech hoffen, dass de GAFI an den nächste Minuten dat och nach confirméiert.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7333. Den Text steet am Document parlementaire 7333³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7333 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreicht. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. De Projet de loi 7333 ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 7363 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 1^{er} août 2001 concernant la circulation de titres

Den nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour ass de Projet de loi 7363, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Émlaf vu Wäertpabeieren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Franz Fayot, den Här Henri Kox, den Här Roy Reding, den Här David Wagner an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Digitaliséierung gehéiert zu de bedeitende Phenomeneen, déi eis Gesellschaft an eis Wirtschaft an den nächste Joren, mä och elo scho beaflossen a veränneren. Et ass effektiv ee Sujet, dee queesch duerch d'Gesellschaft geet a selbstverständlech och net virum Finanzsektor stoe bleift.

Mam Opkomme vun neien technologesche Méiglechkeete kënnt et zu engem Paradigmewissel am Finanzberäich. Ech denken hei zum Beispill un déi nei Services de paiement iwwer Smartphone, un d'Méiglechkeet, sech vun engem virtuellen intelligenten Assistent déi perséinlech Finanzen analyséieren ze loosseren oder déi nei Offeren a Modeller am Beräich vun de Préten.

Déi nei Technologjé schafen nei Servicer a si bidden de Clienten eng ganz Rei vun neien Opportunitéiten. Virun allem awer, an dat dierf een net ënnerschätzen, wäerten des Technologien den Émgang mat de Finanzen, sief et am perséinleche private Beräich, sief et am professionellen, komplett op d'Kopp stellen.

D'Fro ass nämlech net déi, ob nei Servicer geschaaft ginn. Et geet, wéi schonn uganks gesot, ëm e regelrechte Paradigmewissel, deen duerch d'Digitaliséierung ageleet gëtt. Esou kann een an Zukunft mam Handy net nëmme bezuelen, mä och e Prêt ufroen, Aktie kafen a verkafen, a Firmen investéieren an esou virun an esou weider.

An dësem Kader ass et evident, dass al Geschäftsmodeller verschwonne wäerten an d'Ufuerderungen un eis Finanzplaz ganz aner ginn, fir weiderhin international déi Attraktivitéit an Exzellenz ze behalen, déi se haut huet. D'Blockchain-Technologie gehéiert zu deenen zentralen technologeschen Neierungen, déi d'Potenzial hunn, en déif gräifenden Impact auszeléisen.

D'Regierung huet an deem Kontext och vun Ufank un drop gesat, eise Standuert gutt ze positionéieren an d'Potenzial vun dëser neier Technologie ze notzen. Ech verweisen zum Beispill op de Projet „Infrachain“, eng éffentlech-privat Initiativ, fir déi kommerziell Applikationsméiglechkeete vu Blockchain ze verbesseren an e vertrauenswierdegen Ökosystem mat enger gudder a performanter Gouvernance ze entwéckelen.

Ech wëll och un déi zwou Bitcoin-Plattformen Bitstamp a bitFlyer erënneren, déi zu de gréisste Bourse vu Kryptowährungen op der Welt gehéieren an déi och méttlerweile hei zu Lëtzebuerg en Agreement hunn.

Lëtzebuerg huet ni gezéckt, an dat ass och viru drun schonn als Stéchwuert gefall, fir „first mover“ am Finanzberäich ze sinn. A mat dësem Gesetzesprojet ass et net anescht. Nodeems schonn 2013 de gesetzleche Kader ugepasst gouf - wa meng Souvenire gutt sinn, war deemools den Här Roth de Rapporteur -, fir den dematerialiséierten Handel mat Titren, also finanzielle Pabeieren, ze erlaben, gi mer elo nach e Schratt méi wäit, andeems mer e juristesche Kader fir den Handel vu Finanzpabeieren per elektronesch gesécherter Regëstereen a besonnesch der „Distributed ledger“-Technologie à la Blockchain schafen.

Wéi kann ee sech dat elo konkret virstellen? Wéi geet oder fonctionnéiert dat praktesch gekuckt? Anescht wéi beim konventionellen Handel mat dematerialiséierten Titren, wou déi eenzel Transaktiounen an engem zentrale Regëster bei enger spezifescher Institution ageschriwwen ginn, verfiert d'Blockchain-Technologie iwwer en dezentraliséierte System. An anere Wieder: Bei der Blockchain ass et net méi eng zentral Autoritéit, déi d'Transaktiounen validéiert a festhält an doduerch d'Veracitéit an d'Fiabilitéit vun der Transaktioun an de Schutz vum Portfolio garantéiert.

An dësem Fall handelt et sech ëm en Netz vu Regëstereen, déi matenee verbonne sinn, an dat Netz iwwerhëlt déi Roll. Wann een elo eng Transaktioun virhuele wëllt, gëtt des Transaktioun fir d'Éischt vum ganze Reseau iwwerpréift, ob se korrekt ass, an da gëtt se validéiert. Schliesslech gëtt d'Transaktioun an all de Regëstere festgehalen oder, anescht ausgedréckt, et kënnt en neie Block an d'Chain, also an d'Kette vun den Aschreiwungen derbäi. Ech hoffen, ech hunn dat eenegermoosse pädagogesch an net ze vill abstrakt formuléiert.

Et gëtt also net just ee Regëster, dee weess, wien, wéi vill a wéi eng „tokens“, also Titren an dësem Fall, huet a wéi eng Transaktiounen wie mat wem gemaach huet, mä et gëtt e ganze Reseau, a bei all eenzelnem Punkt, souzesoen all Knuet, och nach „node“ an der Fachsprooch genannt, ass eng Kopie vum Regëster gespäichert. Bei all Verännerung oder Transaktioun, déi valabel ass, ginn, wéi gesot, all d'Regëstereen aktualiséiert. Mir sinn also souzesoen an enger Aart Synchronisationslogik.

Dës Prozedur mécht, dass d'Blockchain-Technologie am Prinzip net gehackt ka ginn. Wann een nämlech wëllt esou ee System hacken an zum Beispill Titre klauen, mist ee méi wéi d'Halschent vun deene sougenannten „nodes“ hacken an de Regëster manipuléieren. Vu dass dat der awer, deemno wéi, eng ganz Rëtsch kënne sinn an een och net onbedéngt weess, wou all eenzelne Regëster ze fannen ass, ass et op d'mannst immens schwierig, fir dat hinzekeien.

Den Interêt vun der Blockchain läit domadder u sech an der Sécherheet an an der Traabilitéit, vu dass all Aktiounen registréiert gëtt.

Just esou vill zu dëser faszinanter Technologie, zu där et am Detail sécherlech nach vill ze soe géif oder gëtt. Mä dat ass, wéi gesot, zimlech technesch an dat wëll ech lech hei op dëser Plaz elo erspueren.

D'Haaptzil vun dësem Gesetzesprojet ass op jidde Fall, fir juristesche Sécherheet an engem neien, emergenten Domän ze schafen an eis Finanzplaz beschtméiglech opzestellen, fir matzen am rapide Wandel vun der Technologie mathalen ze kënnen a kompetitiv, attraktiv ze bleiwen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Statsrot huet säin Avis den 13. November 2018 zu dësem Projet, dee just aus engem eenzegem Artikel besteet, ginn an hat weider keng Observatioun. D'Handelskummer, d'Chambre de Commerce, huet hiren Avis den 3. Dezember 2018 erausginn.

D'Chambre de Commerce begréisst déi proaktiv Haltung vun den Akteuren vum Projet de loi, fir déi Lëtzebuerger Gesetzgebung den neien Technologien unzepassen, well domadder d'Digitaliséierung vun eiser nationaler Wirtschaft, a besonnesch dem Finanzsektor, gefërdert gëtt an dese Sektoren d'Opportunitéiten, also d'Chancë vun dëser neier Technologie kann ergräifen, fir dat Beschte am Interêt vun eiser Finanzindustrie an zum Wuel vun den do schaffende Leit draus ze maachen.

Dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren a ginn och am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu dësem Projet.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Merci och hei dem Rapporteur, deen net nëmmen op eng pädagogesch, mä scho bal op eng philosophesch Aart a Weis d'Blockchain-Technologie hei erkläert huet, wat net einfach ass. Mä en huet dat op eng flott Aart a Weis gemaach. An, ech mengen, mir hunn elo alleguerten e bësselchen och méi verstanen, ëm wat et geet.

Ech wëll direkt soen, datt mir natierlech eisen Accord zu dësem Projet wäerte ginn. Ech maachen dat allerdéngs mat engem laachenden, awer och mat engem kräischenden A, Här President.

Fir d'Éischt mat engem laachenden A, well Dir kënnt lech ..., net Dir, mä Äre Virgänger an aner Kolleegen kënne sech drun erënneren, datt mer dëst Joer am Mee eng Aktualitéitsstonn ugefrot haben iwwert déi ganz Blockchain-Technologie. An deem Kader hate mer och eng Motioun deposéiert. An an där Motioun war eng vun eise Fuerderungen, datt sollt e legale Kader fir d'Blockchain-Technologie kommen.

Dat ass domadder erfëllt. Doriwwer freeë mer eis. An do gesäit een och, Här President, datt, wann d'Oppositioun hei, wéi dat meeschtens de Fall ass, mat ganz gudden Iddie kënnt, datt een och ...



► **Une voix.**- Très bien !

(Interruptions diverses)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... domadder virukënn!

Dann awer, Här President, ech hat gesot, ech hunn och e kräischend A. An dat kräischend A ass eigentlech dat, datt mer eis e bësselche méi Courage gewënnt haten, Här Minister, a mir iwwerhuele d'ailleurs do eng Kritik souwuel vun der Chambre de Commerce wéi och vum Statsrot, déi gesot hunn, de Projet géif sech awer op e Minimum limitéieren an notament eng Fuerderung, déi och vu ganz ville Leit aus deem Secteur gestallt gëtt, nämlech, datt déi sougenanten „token“ als eng Valeur immatéirielle och sollen unerkannt ginn, wat eis wesentlech méi wäit géif bréngen, ass leider net geschitt.

Ech hunn allerdéngs Verständnis, well Dir hutt eis dat och schonn an der Kommissioun gesot, datt Der elo wëllt Schrëtt fir Schrëtt hei virugoen.

Allerdéngs, an ech mengen, domadder wëll ech och ofschléissen, ech ginn dervun aus, datt dat hei eng éischt wichteg Etapp ass, mä datt et net déi lescht bleift an datt mer an den nächste Méint a Joren och mat neie Projet-de-loie wäerte saiséiert ginn, well mir sinn alleguerten iwwerzeegt, datt dat doten e ganz wichtigen Terrain, net nëmme fir d'Finanzplaz, och fir d'FinTechen a fir den ICT-Beräich an deem Land ass.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Och vu mir e Merci un de Rapporteur André Bauler fir säi Rapport. Mir féiere mat deem Gesetz eng Regel an eisen Droit an, déi d'Blockchain oder d'„distributed ledger technology“ als ee vun de Supporten unerkennt, op deenen dematerialiséiert Wäertpabeiere kënnen emetteiert ginn.

Eng Fro, déi sech stellt an deem Kontext, ass déi vun der internationaler Unerkennung vun esou enger Règle de conflit, well dëst eng Regel vum Droit international privé, also eng Konfliktregel, ass, déi majoritär ugewannt gëtt, wann een d'Rechtsdoktrinn liest - majoritär, mä net unanime.

Also bleift eng Onsécherheet bestoen, wat d'Unerkennung vun där Regel och um internationalen Niveau ueget. An déi wäert bestoe bleiwen, soulaang et hei international keng uniform Regel gëtt.

En äänleche Problem ass et ëmmer ginn an deem Beräich vun den dematerialiséierten Titre verbonne mam Rattachement vun deenen Titren un d'Plaz vun engem Kont. Dat ass déi PRIMA-Regel, déi et och am internationale Privatrecht gëtt, mä déi och net unanime ass.

An et kann een observéieren, dass och d'EU-Kommissioun sech deem Problem do bewosst ass. Do ass eng Studie ausgeschriwwen ginn zu den „cross-border transactions“ vun „tokens“ an „smart contracts“. An dat ass also eppes, wat déi nächst EU-Kommissioun sécher wäert musse behandelen.

Den Zweck vun deem Projet ass also ganz kloer e politeschen. Et geet hei drëm, Lëtzebuerg op d'Kart ze setze vun den neien Technologien, wat sécher och e Signal am Beräich vun der FinTech ass, wat jo eng vun deenen interessanten Nischen ass, fir eis Finanzplaz ze developpéieren, an dofir kann d'LSAP dëse Projet och matdroen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Fayot. Da wier et elo um honorebelen Här Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech mengen, meng Virriedner si scho ganz déif an d'Matière agangen, insbesondere eise Rapporteur, deen op seng exzellent Aart a Weis, wéi den Här Mosar ëmmer seet, an d'Matière agangen ass. Ech kann och deels déi gutt Aarbecht dann ënnerstëtze vun der Oppositioun vun der CSV, dass se dat virun engem Joer hei ugekënnegt hunn.

Mir, dës Koalitioun, liwwere jo och. Dat hu mer dann och entspriechend ëmgasat a weiderhin op eng gutt Zesummenaarbecht, soudass mer dann zu deem Projet och den Accord kënnen gi vun der grénger Fraktioun.

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Et mierkt een, datt Vëltesdag ass!

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kox. Da géif ech direkt d'Wuert weiderginn un den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Et ass Harmonie an der Loft op Vëltesdag!

D'Digitaliséierung ass eng Erausforderung, net vu muer, mä vun haut. A mir Europäer hänke leider Gottes, dat muss ee constatéieren, wäit hannendran.

Hei ass e klengen, et hätt ee sech kënnen méi e muddege virstellen, wéi de Laurent Mosar ganz richtig gesot huet, et ass e klengen, mä awer wichtige legale Schrëtt, fir dëse Retard opzehuelen, an duerfir féint e selbstverständlech den Accord vun der ADR.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Reding. Nächste Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Et geet alles e bësse schnell haut. Merci, Här President.

Bon, déi Technologie, iwwert déi mer haut schwätzen an déi ech elo och vereinfacht emol Blockchain nennen, gëtt et elo scho säit ronn zéng Joer. An d'Méiglechkeeten, déi sech theoretesch dorausser erginn, kënnen potenziell ganz positiv sinn.

Et kann den Austausch tëscht Mënschen demokratiséieren, andeems d'Intermediären ausfallen, an trotzdeem en héijen Niveau u Sécherheet garantéieren. Si kann d'Transparenz vun Transaktiounen erhéijen an domadder Korruptioun, Geldwäsch a Steierhannerzéiung bekämpfen. Et kënnen sech domadder nei Méiglechkeeten erginn, fir d'ëffentlech Service ze verbesseren oder fir d'Energietransitioun an d'Économie circulaire ze gestalten. Och am Beräich vun der Gesondheet, der Educatioun oder der Mobilitéit si potenziell ganz positiv Entwécklungen méiglech.

Si kann och politesch ganz interessant sinn, wann een un en Här wéi den Julian Assange denkt, deen elo e bësse fale gelooss ginn ass an deen elo a gréisserer Gefor ass, wou natierlech och all d'Konten, all Finanzéierungs-méiglechkeeten, déi den Här hat, zougemaach goufen. Maja, duerch déi Technologie konnt hien och nach weider sengen Aktivitéiten no-go. Also ass et och interessant.

Projete kënnen finanziert ginn, Virementer och an Entwécklungslänner kënnen vereinfacht ginn, well een do keng Kommissioun muss bezuelen an et geet och vill méi schnell.

Bon. Mä et ass awer elo bezeichnend fir d'Politik vun dëser Regierung, datt déi éischt Applikatioun vu Blockchain, déi hei zu Lëtzebuerg legal encadréiert gëtt, den Handel vu Wäertpabeiere betrëfft. D'Uni Lëtzebuerg geet Partenaire mat Privatfirmen an, net fir iwwer méiglech Uwendungen am Gesondheetssystem oder bei den erneierbaren Energien ze fuerschen, mä iwwert d'Méiglechkeete vum Blockchain-Aktienhandel. Oder, anescht gesot: Et ass net déi potenziell Notzung vun dëser Technologie am Interêt général, déi fir d'Regierung am Mëttelpunkt steet, mä d'Notzung vun dëser Technologie fir déi happy few.

An do si mer genau beim wichtige Punkt. Blockchain ass a priori, wéi déi meeschten nei Technologien, politesch neutral. Quitte datt et vläicht ursprënglech historesch aus engem gewëssene politesche Milieu, deen ee vläicht als libertaire ka bezeichnen, entspréngt. Mä soit.

Et hänkt dovun of, wat een domadder mécht a virun allem wat domadder mécht. Nieft de Chancë ginn et natierlech och eng Rei Risiken, déi am Moment awer nach keng Antwort hunn. Wéi eng Standarden an Norme wäerte sech schlussendlech durchsetzen? Ass een tatsächlech am ëffentlechen Interêt? Wéi kann d'Netzneutralitéit garantéiert ginn an eng Fracture numérique verhënnert ginn? Wéi een Impakt huet dat op déi ëffentlech Politik? Op ons Steiersystemer? Op den Aarbechtsmaart? Oder op d'Regulatioun vun de Finanzmäert? Wéi kann d'Cybersécherheet garantéiert ginn? Wéi kann een eng kriminell Nötzung verhënnern? A wéi wierkt sech Blockchain op den Datenschutz aus? Wéi kann de Problem vun deem enormen Energieverbrauch geléist ginn, deen domadder och verbonnen ass?

Dat sinn nëmmen e puer ganz wichteg a richtungsweisend Froen, déi weder international a scho guer net national duerchdiskutéiert sinn. Zu engem Moment, wou d'Europäesch Parlament d'Kommissioun awer grad emol opgefuerdert huet, de potenziellen Impakt ze evaluéieren a Propose fir eng effektiv Regulatioun ze maachen, prescht déi lëtzebuerger Regierung scho vir an erlaabt den Handel vu Wäertpabeiere mat der Blockchain-Technologie.

Wéi gesot, mir sinn net géint dës Technologie, déi grouss Potenzial huet. Mä mir mengen, datt et fir d'Éischt eng breet ëffentlech an international Debatt muss ginn iwwert déi Aart a Weis, wéi dës Technologie am ëffentlechen Interesse soll genotzt an encadréiert ginn.

Dem Finanzsektor elo scho gréng Luucht ze ginn, fir Fakten ze schafen, ass do sécher net de

richtige Wee. An dofir wäerte mer och géint dëse Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, deen heite Projet de loi ass de Beweis, firwat et technesch affin Mënschen an de Parlamenten brauch. Mir hunn elo erkläert kritt, wat Blockchain ass, net ass oder vläicht ass. An den Zusammenhang mam Gesetzesprojet, dee mer grad debattéieren, ass zumindest net ëmmer ganz kloer erwiwwerkomm. An dofir erlaabt mer als Éischt eng Kéier e kuerze Résumé, wat dann elo tatsächlech hei lass ass.

Mir stëmmen of iwwer eng Sazännerung am Gesetz iwwert d'Titrisatioun. Eppes ganz Triviales, eppes wou ech och an der Kommissioun schonn drop higewisen hunn, datt mer héchstwahrscheinlech, soulaang et intern Blockchaine vun de Clearing-Haiser sinn, net emol hätte misse d'Gesetz änneren, well: Eng Datebank ass eng Datebank, ob se ënner Blockchain-Form ass oder ob se relationell ass oder ob et einfach en Textfichier ass oder ob se tatsächlech, ganz „old school“, op Pabeier an engem Tirang iergendwou stockéiert gëtt.

Alles dat ass e Wee, fir Donnéeën ze stockéieren. U sech sollten eis Gesetzter technologieagnostesch sinn, fir esou Piste fir d'Zukunft net zouzemaachen. Dat heescht, wa mir elo hei eppes ganz Spezielles eraschreiw, dann ass dat a mengen Aen éischer eng PR-Moossnam, fir ze soen: Kuckt hei, bei eis dierft Dir legal d'Blockchain-Technologie benotzen.

Ech si scho frou, datt mer nëmme Blockchain drageschriwwen hunn an datt mer net nach iwwer eng spezifesch Ausprägung vun de Blockchaine geschwat hunn, well do gëtt et mëttlerweil eng Hällewu. Déi bekanntsten, natierlech ëffentlech, ass Bitcoin, mä och Lëtzebuerg huet mëttlerweil e puer privat Blockchainen, déi ganz gutt am Asaz sinn.

Den Här Bauler huet virdu gesot als Rapporteur - a Merci fir de Rapport an och Merci fir d'Erklärung, déi Der ginn hutt iwwert Blockchain am Ganzen -: „Lëtzebuerg huet ni gezéckt.“

Här Bauler, et deet mer leed, hei muss ech lech onrecht ginn. De Statsrot huet et gesot, d'Chambre de Commerce huet et gesot: Hei zéckt Lëtzebuerg! Éischters schreiw mer eng konkret Technologie an d'Gesetz, wou mer et, an eisen Aen, net gebraucht hätten. An zweetens gi mer wierklech net wäit genuch.

Den Här Wagner huet zwar vill Froen opgeworf, mä en huet awer och gesot, datt mer mat der Blockchain vill Avantage kéinte kréien, datt mer iwwer eng komplett Dematerialisatioun hätte kënnen nodenken. Den Här Mosar seet dat nämlech.

Ech mengen, d'Chambre de Commerce, de Conseil d'État, eng ganz Rëtsch Politiker, mä och technesch a vill Mënschen dobausse soen: „Hei gi mer net wäit genuch.“ An ech denken, dat sollte mer eis unhéieren an drop reagéieren. An dofir freeën ech mech genauso wéi d'CSV-Fraktioun dann op déi nei Gesetzesprojeten, fir méi wäit ze goen, fir eng komplett Dematerialisatioun matzemaachen.

Et muss een dann awer - an dat ass vläicht, fir zum Schluss ze kommen - soen: Et ass wichtig, datt mer op de Wee vun der Digitaliséierung ginn. All kleng Schrëtt ass ze begrëssen, och wann et wierklech nëmmen e kleng Schrëtt, Fouss viru Fouss ass, an net dee grouse Sprong, dee mer eis an aneren Domänen heiansdo zoutrauen, an, wann et ëm Digitaliséierung geet, vläicht net zoutrauen.

Vläicht sollt een, grad op enger Finanzplaz wéi Lëtzebuerg, sech dee grouse Sprong zoutrauen an domat eng konsequent Digitaliséierung vun deene Prozeduren, déi et haut ginn, no vir bréngen, esou wéi et am Avis vum Statsrot a vun der Chambre de Commerce stoung.

Mir Piraten wäerten all kleng Schrëtt, deen a Richtung vun engem méi digitale Lëtzebuerg geet, natierlech ënnerstëtzen. Mä mir wäerten en awer och ëmmer kritisches begleeten an a Richtung vun engem nogeduechtenen a weidergeduechtenen digitale Projet fir Lëtzebuerg matdroen.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. An duerfir ginn ech direkt d'Wuert weider un de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Dir Dammen an

Dir Hären, fir d'Éischt dem André Bauler e grouse Merci fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport an enger Matière, déi heiansdo vläicht e bëssen obskur ass. Mä ech mengen, mir wäerten eis all iwwert déi nächste Méint a Jore mat där Matière ëmmer méi musse familiariséieren.

D'Blockchain ass eng Technologie vu villen, déi d'Distribution électronique vu Regëstere an Donnéeën op eng sécher Aart a Weis erméiglecht, an dat op eng dematerialiséiert Aart a Weis. An dat ass ebe wahrscheinlech d'Zukunft.

Firwat ass et d'Zukunft? Well déi „distributed ledger technology“ méi Sécherheet bréngt, méi Transparenz bréngt an haaptsächlech Tragabilitéit bréngt. Se bréngt et fäerdeg, dass een ëmmer kann nokucken, wat gemaach huet. An dat ass natierlech en immense Quantensprung.

Nach bis virun e puer Méint gouf et vill Leit, déi skeptesch ware par rapport zu dëser Technologie, net well se technologesch net au point war, mä well gesot ginn ass, déi Technologie kéint gebraucht ginn, fir Frauden ze maachen - et ass elo net vill doriwwer geschwat ginn -, fir Blanchimenten ze maachen an esou. Ech mengen, an de leschte Méint a vläicht souguer am leschte Joer ass kloer ginn, dass een eng Couche kann dodrop setzen, fir dass justement och deem Rechnung gedroe gëtt. An dat ass, mengen ech, rassurant, wat och erkläert, firwat Lëtzebuerg sech awer och elo net precipitéiert huet, fir deen Aller-, Alleréischten ze sinn, wa schonn esou Doute bestinn, mä e bësse gewaart huet, wéi d'Akzeptanz weltwäit vun esou enger Technologie ass.

Ech ka mech och ufrënnen mat där Remark, dass een hei en fait agnostesch misst si par rapport zu der Technologie, déi gebraucht gëtt. Anescht gesot, eng Transaktioun ass eng Transaktioun, ob se mat Pabeier bewisen ass, ob se iwwert den Internet gemaach ginn ass, ob se iwwert de Blockchain gemaach ginn ass, oder, wéi am ale Code civil gesot gëtt, dass en Accord och kann oral sinn.

Elo ass et awer esou, dass vill Akteuren eis ze verstoe ginn hunn, dass et vu Virdeel wär, wann een dat géif nidderschreiw, wat selbstverständlech ass. An dat hu mer och hei gemaach. Eis Entreprises, eis Bankplaz huet awer net op dëst Gesetz gewaart. Et si schonn Transaktiounen, Emissiounen vun Titren, vun Obligatiounen, Emissiounen a Verdeelungen vun Investitionsfongen iwwer Blockchain zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Dat heescht, mir sinn an der Praktik hei virbäi, mir als Lëtzebuerg, als Finanzplaz. Mä mir wëllen dat och als Stat begleeten an och bei deenen Éischten sinn, déi dat ganz kloer an en Text schreiw, dass mer bei Transaktiounen, déi iwwert dee Wee gemaach ginn, an engem Domän, wou mer effektiv gutt sinn, bei der Emissioun vun Titren, déi Rechtssécherheet wëllen hunn.

Verschiddener vun lech hu gesot, dass een do nach méi séier handele muss. Et ass wahrscheinlech a verschiddenen Domänen nach méiglech, national séier ze handeln. Mä ganz séier wäert och an deem heiten Domän d'Europäesch Unioun musse agéieren. A mir wäerten dat encouragéieren, dass d'Europäesch Unioun an deem Domän soll tätég ginn a partir du moment, wou dat och absolutt néideg ass.

Mir sinn an deem Domän ee vun deene Länner, déi federführend sinn. Ech géif gär en puer Initiativen hei opzielen, déi dem grand Public vläicht net bekannt sinn, ënner anere eng Coopération publique-privée, déi Infra-chain heescht, wat ee kéint beschreiw als en Intranet par rapport zum Internet, dat heescht eng additionell Couche op Blockchain, déi engem et erlaabt, e Service unzebidden, deen nach vill méi präzise a sécher ass. Mir hunn och am Luxembourg House of Financial Technology - Akronym LHoFT - haut méi wéi 50 Gesellschaften, déi am FinTech-Beräich tätég sinn.

En fait ass de LHoFT haut voll, no manner wéi zwee Joer Existenz. An dat ass eng gutt Noriicht. Et ass awer och eng schlecht Noriicht, well mer hu keng Plaz méi fir Neier. Dofir encouragéiere mer déi, déi schonn eng Zäitchen dra sinn, elo emol erauszegoen. Dat nëmme fir ze soen: Mir hunn eng Rëtsch Akteuren, déi Lëtzebuerg erausgesicht hunn, och scho virun der Adoptioun vun deem Gesetz wäert eis nach méi attraktiv maachen.

Jo, dëst Gesetz ass nëmmen eng Etapp, ganz kloer. Nu kann ee soen: Frankräich huet esou eng äänlech Legislatioun ugeholl, déi a verschiddenen Domäne méi wäit geet wéi mir, mä a verschiddenen Domäne manner wäit wéi mir.



Ech mengen, mir sinn hei an der gëllener Mëtt. An et ass och do, wou mer eis solle befannen.

(Interruption)

Zum Schluss wollt ech och nach en fait allen Akteure Merci soen, dass mer dee Gesetzestext hei relativ séier an d'Chamber kritt hunn. Dofir och e Merci un de Conseil d'État, dee ganz séier en Avis gemaach huet, an och Merci der Chambre de Commerce fir déi Gedanken-ustéiss. Ech mengen, hei positionéiere mer Lëtzebuerg, eis Finanzplaz ganz gutt. A well et nëmmen eng Etapp ass, gesi mer eis op deem Sujet bestëmmt gläich hei op dëser Tribün erëm an deem Domän.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7363. Den Text steet am Document parlementaire 7363³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7363 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. De Projet de loi 7363 ass mat 57 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7363 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. François Benoy), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

5.7223 - Projet de loi portant modification de la loi du 25 novembre 2014 prévoyant la procédure applicable à l'échange de renseignements sur demande en matière fiscale

Mir kommen elo zum Projet de loi Nummer 7223, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Prozedur am Beräich vum fiskalen Informationsaustausch. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonns ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Franz Fayot, den Här Henri Kox, den Här Roy Reding, den Här David Wagner an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo d'Rapporteurin vun deem Projet de loi, déi honorabel Madamm Joëlle Elvinger. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deem Gesetzesprojet geet et ëm eng Ofännerung vun der Prozedur beim steierlechen Informationsaustausch. Dës Prozedur geet op d'Gesetz vum 31. Mäerz 2010 zrëck, dat steierlech Konventiounen an deem Domän guttgeheescht huet an eben och d'Prozedur vum Informationsaustausch festgeluecht huet.

Dat Gesetz war deemools eng Reaktioun op Kriticken, déi vum Forum mondial iwwert d'Transparenz an den Austausch vu Renseignements bei steierlechen Zwecker koumen. Et ass awer net nëmme bei Kriticke vum Forum bliwwen, well Lëtzebuerg krut weinst sengem deemolege legale Kader och nach eng schlecht Notatioun attribuëiert.

Dësen negative Stempel opgedréckt ze kréien, war natierlech net gutt fir den Image vun eiser Finanzplaz, besonnesch an enger Zäit, wou ee vill Efforte gemaach huet, fir vun alle groen a schwaarze Lëschten erofzekommen.

De gesetzleche Kader gouf dunno awer duerch en neit Gesetz vum 25. November 2014 ugepasst. Et goung zu deem Zäitpunkt virun allem drëms, fir d'Prozedur vum Informationsaustausch ze acceleréieren. Duerfir gouf ënner anerem och de sougenannte Recours en annulation erausgeholl.

Wann een also trotz enger Décision d'injonction, also enger Opfuerderung, Renseignements ze iwwermëttelen, dat net gemaach huet an een doropshin eng Amende administrative operluecht krut, dann huet ee just kënnen e Recours géint de Quantum, also de Montant vun der Amende maachen. Géint d'Décision d'injonction u sech, déi à la base vun der Amende war, konnt een allerdéngs kee Recours méi maachen. Dat huet, wéi gesot, derzou gefouert, dass d'Prozedur vum Échange d'informations acceleréiert gouf.

Déi deemoleg Gesetzesännerung ass domat och op d'Kriticke vum Forum agaangen, sou dass dës Lëtzebuerg am Joer 2015 erëm positiv reevaluëiert hat.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, esou vill zur Virgeschicht vun deem Projet de loi. Ech kommen elo bei den eigentlechen Ursprung, dat ass nämlech de sougenannten Arrêt Berlioz vun der Cour de justice. Am Joer 2015 huet eis Cour administrative den Europäesche Gerichtshaff mat engem Renvoi préjudiciel saiséiert, fir gewuer ze ginn, wéi verschidden Dispositionen vun der Direktiv 2011/16 iwwert déi administrativ Kooperatioun am Beräich vun de Steieren ze interpretéiere sinn.

Wat war geschitt? D'Steierverwaltung huet der Berlioz Investment Fund SA eng Amende opgedrummt, well si net sënngeméis op eng Demande d'injonction reagéiert haten, spréck keng Informatiounen weidergeleet hunn. D'Demande d'informations koom vum franséische Fisk. D'Sociétéit Berlioz huet du Recours géint déi Amende gemaach, an dat huet de Steen un d'Rulle bruecht.

Mam Arrêt Berlioz vum 16. Mee 2017 huet d'Cour de justice dann och Äntwerte ginn, déi allerdéngs am Moment net eise aktueller legale Kader entsprechen. Ech wëll elo net an den Detail vum Dispositif vum Arrêt agoen, mä Dir fannt d'Motivatioun vun der Cour a mengem schrëftleche Rapport.

Den Objet vun deem Gesetzesprojet ass et elo also, déi applikabel Prozedur vum Informationsaustausch nach eng kéier op de Leescht ze huelen a se un déi rezent europäesch Jurisprudenz unzepassen, d'Prozedur also souzesoe Berlioz-konform ze maachen.

Mat deem Projet de loi ginn duerfir haapt-sächlech zwou grouss Adaptatiounen vum Gesetz vum 25. November 2014 virgeholl. Déi eng betrëfft eng nei Obligatioun fir d'Steierverwaltung am Kader vum Échange d'informations, déi aner féiert nees e Recours en annulation géint eng Décision d'injonction an. Bis elo war et nämlech esou, dass d'Steierverwaltung d'Demande d'informations vun engem anere Memberstat just op hir formell Regularitéit iwwerpréift huet. Et war souzesoen eng sommaire Verifikatioun. Dat geet elo net méi duer.

An Zukunft muss déi zoustänneg Steierverwaltung am Kader vum Informationsaustausch och kucken, ob déi Informatiounen, déi ugefrot ginn, och pertinent fir d'Enquête sinn. Am Projet de loi geet vun enger Pertinence vraisemblable rieds. Dës Contrôle betrëfft souwuel déi viséiert Persoun wéi och den Detenteur vun de Renseignements.

Ech komme bei déi zweet Adaptatioun. Mam Arrêt Berlioz huet den Europäesche Gerichtshaff um Kirchbiereg u sech nach eng kéier zwee Prinzipien rappéléiert.

Éischters muss och eng national administrativ Strof, an deem Fall war et eng Amende, d'Charte vun den Droits fondamentaux vun der EU respektéieren.

Zweetens muss och eng Décision d'injonction kënnen virun enger onofhängeger Juridiction kontestéiert ginn, fir kënnen d'Legalitéit vun dëser Decisioun ze iwwerpréieren.

Aus dës Grënn proposéiert dës Projet de loi, wéi gesot, de Recours en annulation géint d'Décision d'injonction erëm anzeféieren. Den Detenteur vun den ugefrotene Informatiounen kann eisen Tribunal administratif also domat

saiséieren, fir iwwert d'Legalitéit vun enger Demande de renseignements ze befannen.

Ech wëll vläicht präziséieren, dass de Recours en réformation géint de Montant vun der Amende och nach ëmmer opbleift. Et sinn also elo zwou Pistes fir de Recours méiglech.

Här President, am Text vum Projet de loi sinn och déi verschidden Delaie festgehalen fir den nees agefouerte Recours en annulation. Ech wäert elo net op all eenzelnen Delaie agoen, mä just drop hiweisen, dass d'Delaie effektiv méi kuerz si wéi am Droit commun. Dat ass och an der Finanz- a Budgetskommissioun opgeworf an diskutéiert ginn.

Et huet een effektiv ee Mount Zäit, fir e Recours géint d'Décision d'injonction anzeleeën. All Partei huet zudeem just d'Recht op ee Memoire an de Mémoire en réponse muss spéitstens ee Mount no der Requête deposéiert ginn. Zulescht muss dann och den Tribunal innerhalb vun engem Mount statuëieren.

An der Finanz- a Budgetskommissioun krute mer erkläert, dass d'Delaie esou knapp misste sinn, well d'Steierverwaltungen och nëmmen eng begrenzten Zäit hunn, fir eng Demande d'informations ze exekutéieren. Géint d'Decisioun vum Tribunal administratif kann een innerhalb vu 15 Deeg och nach en Appell op der Cour maachen.

Här President, souvill zu den Adaptatiounen an der Prozedur. Fir all weider Detailler verweisen ech gären op mäi schrëftleche Rapport. Ech wëll awer nach kuerz op d'Avis vum Statsrot agoen. Am Ganze krute mer der dräi. Et goung also effektiv e puermol hin an hier an de Statsrot huet a sengem éischten Avis och direkt drop higewisen, dass et effektiv keng einfach Matière wier.

Et misst een nämlech hei vill ënnerschiddlech Aspekter an Interëten a Betruucht zéien an da versichen, e gesonden Equilibre tëschent all deenen ze fannen. Dat betrëfft engersäits d'Conciliatioun tëschent der Voie de recours vum Droit commun an dëser neier, méi spezifescher Voie de recours, anersäits huet een och misse kucken, fir d'Rechter vun der Charte ze respektéieren, ouni awer de Secret vun der Enquête ze ënnergriewen. Dësen Equilibre ze fannen, ass effektiv e schwierigen Exercice gewiescht.

Eppes, wat de Statsrot vun Ufank u méi strikt limitéiere wollt, dat war den Accès zum Recours en annulation. Am ursprénglechen Text stoung, dass net nëmmen all Personne visée, mä och nach all Tiers intéressé den Tribunal mat engem Recours en annulation kéint saiséieren. Do hu sech laut dem Statsrot direkt e puer Froen gestallt, wat d'Rechtssécherheet vun där Disposition ugeet, besonnesch weinst de Problemer mat der Notifikatioun vun deene Leit.

De Statsrot huet och eng Opposition formelle dorobber geluecht. Zum Schluss si mir dann awer esou verblivwen, dass effektiv just den Detenteur vun de Renseignements d'Recht op e Recours en annulation huet. Fir weider Remarque vum Statsrot verweisen ech och nees op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, zu deem Projet krute mir och nach Avisen vun der Statsbeamtekummer, der Chambre des Métiers, der Chambre des Salariés an der Handelskummer geschéckt. Si allegueren hu kee gréissere Problem mat deem Projet de loi virgedroen.

Nach e puer Wieder zu den Aarbechten an der Finanz- a Budgetskommissioun. Dës Projet ass virun e bësse méi wéi engem Joer op den Instanzewege geschéckt ginn. De Finanzminister Pierre Gramegna huet en den 19. Dezember 2017 deponéiert. Mir kruten de Projet eng éischte kéier den 9. Januar an der Finanzkommissioun presentéiert an an därselwechter Reunoun gouf ech och als Rapporteur genannt. De leschte Freideg, 8. Februar, hu mir dann de schrëftleche Rapport eestëmmege an der Finanzkommissioun ugeholl.

Här President, et ass och kee Geheimnis, dass et Zäit ginn ass, dass dësen Text an d'Chamber koom. Wéi schonn ugeschwat, hate mir dës Woch oder hu mir dëser Deeg och d'Evaluatioun vum Forum, also si mir just nach matzäit mat deem Gesetz.

Dës gesot, soen ech de Memberen aus der Finanzkommissioun e ganz grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an déi interessant Diskussiounen an lech alleguerter Merci fir d'No-lauchteren. An ech ginn dann och nach den Accord vun der Demokratescher Partei zu deem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Elvinger. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt, wat rela-

tiv aussergewéinlech ass, de Mëtten en zefriddenen Deputéierte virun lech.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

(Interruptions)

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dat huet awer manner mat eiser Satisfaktioun iwwert d'Regierung ze dinn, ...

► **Une voix.** - Dir hutt Blumme kritt!

(Hilarité)

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ... wéi domat, datt mer haut recht kritt hunn. A wann ech soe „mir“, schwätzen ech haapt-sächlech och am Numm vu mengem exzellente Kolleeg Gilles Roth, dee sech mat mir zesumme viru véier an engem hallwe Joer hei während enger epescher Seance verteidegt huet. An ech ka mech elo nach un déi Seance erënneren, déi war wierklech extrem intensiv. An eise viregte President, dee jo ni ee gréissere Problem hat, fir déi Saach ënner Kontroll ze halen, hat do awer e bësselche Schwiereregkeeten, well d'Debatt heiandsdo e bësse riskéiert huet, erauszegleiten.

Ech wëll awer fairerweis och soen, datt mer an eiser Kritik deemools net eleng stoungen. Och den Här Reding hat sech an der Zäit där Kritik do ugeschloss.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien !

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - A wéi gesot, mir kréien also haut, véier an en halleft Joer duerno, recht. An dat mécht natierlech jiddwer klengem Landdeputéierten a klengem Kontabel Freed.

(Brouhaha)

Här President, dat kënnt Der lech virstellen. Mä kommt, mir fueren der Rei no!

D'Madamm Elvinger, eis exzellente Rapportrice, huet eigentlech am Detail erkläert, ëm wat et an deem Projet geet. A si ass och nach eng kéier op deen ëmstriddene Punkt agaangen, well kommt, mir maachen eis näischt vir, an der Diskussioun, an ech schwätzen hei ënnert dem Contrôle vum Här Roth, ass et eigentlech fundamental just ëm ee wesentleche Punkt gaangen!

An dee Punkt, dat war eben dee vun deem Recours géint den Ordre d'injonction vun der Steierverwaltung, wou mir, den Här Roth an anerer, eis einfach net konnten domat averstannen erklären. An deemools, wéi mer d'Debatt hei haten, muss ech soen, hat och den Här Finanzminister sech verstärke gelooss duerch den Här Braz, well den Här Finanzminister erstaunlecherweis op deem do Punkt net vill gesot huet an do deemools den Här Braz schwätze gelooss hat. Ech weess net, ob den Här Finanzminister schonn deemools eng Viranung hat a sech geduecht huet: „Dann hëls de den Här Braz mat, da kann deen hei d'Käschten aus dem Feier huelen.“

Ech bedauern duerfir och e bëssen, Här Finanzminister, datt den Här Braz haut - ech hätt mech esou gär haut mam Här Braz ënnerhalen - lech net och ...

(Hilarité et interruptions)

... datt en lech haut net och begleet huet.

► **Une voix.** - Ech soen em dat.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Mä kommt, mir kommen trotzdem nach eng kéier drop zrëck, well et ass jo heiandsdo flott, Här President, wann een déi Debatten erëm noliest a wann een dann och erëm esou liest, wat déi verschidde Riedner deemools gesot hunn. A wann een dat da vergläicht mat deem, wat am Arrêt Berlioz erauskomm ass, ass dat trotzdem e bëssen erstaunlech.

Ech wëll nach eng kéier hei soen, an ech zitëiere fir d'Éischt natierlech den Här Roth, deen deemools den éischten ageschriwwene Riedner nom Här Arendt war, den Här Arendt war deemools Rapporteur vum Projet. An ech ka mech och erënneren, ech kennen den Här Arendt jo e bëssen, ech hat och deemools schonn d'Impressioun, datt den Här Arendt och net immens iwwerzeegt war vun deem, ...

(Hilarité)

... wat en deemools gesot huet. Mä, Här Arendt, ech weess, wéi dat ass, mir waren och heiandsdo op där Säit, mir hunn och alt heiandsdo missen esou Grompere schlécken. Et ass net ëmmer einfach, wann een an der Majoritéit ass.

(Hilarité)

► **M. André Bauler (DP).** - D'Liewen ass kee Kichelchen.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Wéi gesot, den Här Roth huet deemools eppes gesot, wat déi ganz Thematik eigentlech ganz gutt resuméiert. En huet sech deemools un Äre Virgänger, Här President, gerichtet an en huet do ge-